



NEWSLETTER N°4 AUGUST 2021



MINETT UNESCO BIOSPHERE

Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

De Summer 2021 geet a seng lescht Ligne droite.

Grond genuch fir eis haut zeréck ze kucken op eis grouss geopoetesche Exploratioun „Rocklines“ an no vir op d’Deeg vum geologeschen Ierwen, déi elo Uganks September sinn.

A sollt d’Wieder an den nächsten Deeg emol eng kéier guer net matspillen, dann hu mer och nach eng flott „Do It Yourself“-Iddi fir iech.



ROCKLINES - RÉCKBLÉCK




Vum 11. bis den 28. Juli waren den italienesche Schrëftsteller Davide Sapienza an de Geolog a Paleontolog Robert Weis vum ‚naturmusée‘ op Exploratioun am Minett.

Si schaffen elo en engem geopoetesche Reesbichelche fir déi eenzegaarteg Landschaft vum Minett op eng nei Manéier z’entdecken.

Kuckt hei nach emol wat déi zwee Aventurieren erlieft hunn:

RÉCKBLÉCK ROCKLINES



GEOHERITAGE DAYS



De Weekend vum 4. a 5. September proposéiert d’Minett UNESCO Biosphere iech zesumme mam Natur- a Geopark Mëllerdall e puer aussergewöhnlech geologesche Decouverten ze maachen an dat am Kader vun den éischten Deeg vum geologeschen Ierwen.

Samschdes kënnt dir d’Geologie vum Mëllerdall entdecken a Sonnes déi vum Minett.

DE KOMPLETTE PROGRAMM



JURASSIC WALK



Am Kader vun de „Geoheritage Days“ invitéiere mir iech de Sonndeg, 5. September op den „Jurassic Walk“ iwwert de Rémelenger Huttberg.

Dës Visite guidée organiséiert d’Minett UNESCO Biosphere an Zesummenaarbecht mam ‚naturmusée‘ an dem Musée National des Mines vu Rémeleng.

Begleet de Paleontolog Ben Thuy op eng spannend Rees an d’Vergangenheet a gitt méi iwwert eis Regioun am Zäitalter vun den Dinosaurier gewuer.

DETAILLER AN ASCHREIWUNG



DO IT YOURSELF



Sollt d’Wieder an den nächsten esou ginn, dat ee léiwéer dobanne bleif, dann hätte mir hei eng Iddi, wat dir doheem maache kéint: e Vermicomposter.

E Komposter ass einfach ze bauen an dir kënnt är organesch Offäll op eng einfach Manéier zu neiem Buedem fir an de Gaart maachen. Dobäi kënnt, dat et Spaass mécht e Komposter fir lessens- a Planzereschter selwer ze bauen.

BAUT ÄRE KOMPOSTER



6, Ellergonn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com

